



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26 November 2018

Här President,


Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister Dan Kersch weiderzeleeden.

Den 1. Juli 2018 ass dat neit Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der sécurité civile an der Schafung vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) a Kraaft getrueden. Zenter dësem Datum sinn eng Rei Méint verstrach an déi éischt Konsequenze vun dëser ëmfaassender Reform zeechnen sech of. Leider muss ee feststellen, dass vill Betreffener net zefridde mat gewësse Verännerunge sinn an sech net hireichend iwwert d'Changementer informéiert fillen; A kleng Pompjees- a Rettungsdéngschtzenteren feelt et am Dag oft u Personal, d'Volontairë wësse bis elo net, wéi hiert Engagement wäert remuneréiert ginn an d'Leit um Terrain beschwéieren sech iwwert eng onduerchsichteg Strategie bei der Verdeelung vun Asätz tëscht de verschiddenen Zenteren am Land.

An dësem Zesammenhang wéilt ech dem Här Inneminister dës Froe stellen:

- Wei dachs ass et zanter dem 1. Juli 2018 am Dag virkomm, dass Pompjees- a Rettungsdéngschtzenteren net operationell waren, well déi virgeschriwwe Mindestzuel un asazbereete Persounen net errecht gouf? Wei oft war dëst nuets de Fall? Wei eng Mesurë si getraff ginn, fir en eventuellen Personalmangel ze behiewen?*
- Ass de Reglement vun der CGDIS iwwert d'Indemnisiatioun vun de Volontairë bei de Pompjees- a Rettungsdéngschter zum aktuellen Zäitpunkt scho vum Regierungsrot ugeholl ginn?
Falls d'Äntwert positiv ausfällt: Wéi sinn déi Betreffen iwert d'Inhalter informéiert ginn?
Falls d'Äntwert negativ ausfällt: Firwat läit nach keng Approbatioun fir?*
- Wéi vill erwuesse Persounen hunn hiert Volontariat bei de fräiwëllege Pompjeeën oder beim Rettungsdéngscht zanter dem 1. Juli 2018 niddergeluecht a wei vill hunn zanter dësem Datum nei ugefaangen? Wei vill dovun koumen aus den Jugendsektiounen? Wei gesinn des Zuele fir d'Joer 2016 an 2017 aus?*
- No wei enge Kritäre gi bei engem Noutfall d'Zenteren, déi kontaktéiert ginn, ausgewielt a wei ginn des Kritäre gewiicht?*

Mat déiwem Respekt,


Sven Clement
Deputéierten

www.piraten.lu

#lëtzebuerg2018